d'Russen, gouf den Albert vun Tschechen gefaangen. Am Mé 44 gouf hien an d'Lager Auschwitz ageliwert. Enner russescher Opsicht hu se vun do aus musse Panzersperren ewech raumen. Als russesche Gefaangene koum hin vum Mé bis November 45 no Tschelljabinsk a Sibirien an eng Kuelegrouw. Op Optrag vum Lagerkommandant goufen d'Preisen vun denen aaner Natioune getrennt. Déi 7 Letzeburger, déi am Lager waren sin du mat verschiddenen Elsässer op Frankfurt/Oder an e Sammellager kom. Hei gouf en Transport fir de Westen zesummegestallt. Sou koum den Albert de 6. Dezember 1945 iwer Breissel heem op Nouspelt.

# Hoffelt Nic



*** 2.4.1923**

Den Hoffelt Nic. as de 17. Februar 1943 an den Arbeitsdienst no Wollstein kom. Hie koum den 20. Mé erem heem.

An d'W.M. huet den Neckel mussen den 17. Dezember 1943 goen. Seng WM's Zeit huet hien zu Leipzig, Zeithain, Riesa an an Dänemark verbruecht. Hei war hien am Küsteneinsatz bis den 3. September 1944. Du gouf seng Kompanie no Frankreich verluegt. Des Rees huet den Neckel mam Zuch no Letzeburg bruecht. Zu Fouss gong et dun iwer Esch an d'Frankreich. Bei Sérouville, wou den Neckel de 7. September 44 nuets op Poste stung, konnt hien iwerlafen a koum an amerikanesch Gefaangenschaft op Verdun. De 5.11.44 gouf hien zu Cherbourg den Engländer iwergin a koum op Manchester. Am Glenn Mill Camp N° 4 as hien am Februar 45 vun enger Letzeburger Kommissioun verhéiert gin a koum dun an en alliéierte Lager op Liverpool. Hei gouf hien nei agekleed, an e koum mat engem Transport op Monks Kirby bei Leamington-Spa an den Tachbrook-Camp.

Den 28. Juli as et dun endlech iwer Bréissel op heem zou gangen. Den Neckel koum den 30. Juli 45 zu Nouspelt un.

# Bonifas Nic



*** 1. Januar 1920**

Hien as den 10. März 1941 an den RAD no Wiltingen/Saar aberuff gin. Vun do koum hien de 27. September 1941 erem heem.

De 25. August 1944 as hien an d'WM agezun gin. Déi éischt Zeit huet hien am Ausbildungslager Schwedt/Oder verbruecht. Duerno koum hien op Stettin. Seng Trupp huet dun am Partisanenasatz geint d'Russe gekämpft.

Ufanks 1945, bei der Rundstedtoffensiv as seng Kompanie an d'Elsass kom. Bei Bitche gouf den Nic den 18. Januar 45 an engem Minefeld verwonnt. An engem Noutlazarett an der Maginotlin sin seng uerg Verletzunge provesoresch gepléischtert gin. Mat aanere Verletzte gouf hien zreck an Deitschland bruecht, a war dun an de Lazarette vu Plauen, Alsnitz a Klingenthal. Wéi d'Amerikaner den 10. Juni 45 dest Lazarett besat hun, gouf hien op Marburg/Laan iwerfouert.

Eng Delegatioun vun der Letzeburger Mission Militaire, enner der Leedung vum Max Bram huet den Nic vun hei aus den 21. Juni 45 heem bruecht.

# Jacoby Albert



*** 24.3.1924**

Am Fréijor 1943 as den Abbes an den R.A.D. agezu gin. Hie koum op Luden. Duerno gouf hien an d'W.M. agezun a koum Enn Juni 1943 an d'Kaser op Schwaz an Tirol.

Vun do aus gouf hien am Hierscht 43 an Italien op Udine verluegt. Hei war hie beim Breckebau am Asatz. Hien huet d'Klima do net verdroen an e krut d'Malaria. No engem Genesungsurlaub as hien am Januar 1944 net méi bei seng Eenheet zreckgaangen. Hie war dun während 9 Méint bei der Famille Kuntsch-Jacoby zu Hesper verstoppt. Och dât war eng



uerg Zeit fir den Abbes. Hien huet eng Gielzecht kritt, déi a senger Stopp net ordentlech konnt behandelt gin. Dat huet mat sech bruecht, daß hien nom Krich en onheelbart Leiden huet mussen erdroen. Un de Folgen dovun ass den Abbes den 29. Januar 1964 gestuerwen.

Et waar zu groussem Deel seng Initiative, dass fir déi Nouspelter Jongen e Monument opgeriicht gouf. E Monument aus Nouspelter Erd, vum Kenschtler Leon Nosbusch ausgefouert, daat am Agank vun der Kirch dei kommend Generatiounen un dei gefalle Jongen erennert.

Déi, déi d'Gleck haaten, nom Krich heem ze kommen, konnten iwer hiert Liewen an der preisescher Uniform erzielen. Ech hun hinne gär nogelauschtert, dobei awer och gemierkt, dass sie nett gär un déi Zeit erennert gin, an dass sie mat schwéierem Härz iwer déi Zeit geschwaat hun.

Iwer déi Nouspelter, déi hiert Liewe fir d'Heemecht geaffert hun, déi gefall oder vermesst sin, as et méi schwéier genä ze erzielen. Graad sie sollen awer an desem Bericht net feelen.

# Lippert Josy



*** 28.5.1920**

De Josy war am R.A.D. zu Ober-Emmel zu Beteburg an zu Hesper.

Bei dem berühmte "Mellechstreik" mat dem d'Baueren aus der Kielenergemeng am September 1942 geint d'Verurdnung vun der Zwangsrekrutéirung protestéiert hun (Sie hu keng Mellech ofgeliwert, mé sie hun se ausgeschott) huet de Josy zu Nouspelt eng aktiv Roll gespillt.


Den 13. Oktober 1942 as hien an d'W.M. op Ludwigsburg agezu gin. Duerno koum hien op Konstanz. Kurz viru senger Aberufung war de Josy beim Dokter F. zu Letzeburg, deen him Pelle matgin huet. Wéi de Josy mat senger Kompanie no Russland koum, huet hien déi Pellen ageholl. Hie krut duerop d'Longenentzündung a gouf op Bukarest an e Lazarett bruecht. Vun do koum hien am Juni 1943 op Genesungsurlaub heem.

Duerno koum hien erem an d'Front a Russland. Laut Zeienaussoen war de Josy den 22. Juni 1944, bei der grousser Summeroffensiv vun de Russen an der Géigend vun Orscha a Mogilew. Déi deitsch Kolonnen sin hei einfach iwerrant

gin a ganz vill Jongen hun do den Dout fond. En deitschen Zaldot konnt nom Krich dem Roude Kreiz matdeelen: "Ich war am 23. Juni 1944 nicht mehr mit Lippert zusammen. Die Kompanie war am 22.6.1944 zum letzten Mal geschl. verpflegt worden: von da ab bestand keine Verbindung mehr."

De Josy gellt vum 23.6.44 bei Orscha als vermesst. Hien as séier wahrscheinlech an deser Schluecht den 22. Juni 44 gefall.

## Jacoby Ernest



*** 6.12.1920**

Den Ernest as am September 1943 an den R.A.D. gaangen. Sei Brudder, den Abbes Jacoby war du schon an der W.M.

Kurz nodeem den Ernest seng R.A.D-pflicht hannert sech hat, as hien am Dezember 1943 och an d'W.M. agezu gin. Hie koum an d'Wehrmachtsausbildungslager op Dresden. No enger kurzer Ausbildungszeit koum hien an de Frontasatz a Russland. Schon de 14. Februar 1944 get hien bei Narwa als vermesst gemellt.

## Feyen Roger



*** 13.3.1920**

De Roger hat sech bei der Aberufung an den R.A.D. verdreckt. D'Preisen hun hien awer séier fond an hun hien op Letzeburg an de Prisong bruecht.

Hei war hien vum 11. März 1942 bis den 11. Juni 1942 a gouf dun an de Prisong vu Rheinbach bruecht. "Wegen Beihilfe zur R.A.D.-pflichtentziehung" war och dem Roger seng Mamm am Prisong.

Den Nic. Hoffelt, mat dem de Roger de 17.2.1943 aberuff gouf, wees sech ze erenneren.



dass am Roger sengem Soldbuch de Vermierk z.b.V. (zur besonderen Verwendung) stung. Hie gouf duerfir och direkt vun den aaneren Zaldoten ofgesennert a koum ouni Ausbildung direkt an d'Front. Schon e puer Méint méi spéit, den 9. August 1943 as de Roger an engem Lazarett zu Simferopol un de schwéiere Verletzungen, déi hien e puer Deeg virdrun kritt hat, gestuerwen. Hie lèit och um Militärkirfech vu Simferopol op der Halbinsel Krim begruewen.

## Munhoven Eugène



*** 19.12.1923**

Den Ugen huet seng R.A.Dpflicht zu Uniejow a Polen zesumme mat 86 Letzeburger an 120 Deitschen vum Januar bis de März 1943 gemat. Duerno war hien e puer Wochen doheem.

Den 21. Mé 1943 as hien zu Tréier fir d'W.M. agekleed gin. Vun do aus gung d'Rees den 22.5.43 weider op Rostock an dun op Gnesen/Warthegau. Hei huet hie seng Ausbildung als Kradfahrer gemat. Am September 1943 konnt hien an Urlaub fueren.

Nom Urlaub as hien an d'Stabsbatterie op Posen kom. Hei war hien bis de Februar 1944. Duerno as seng Enheet an de Weste verluegt gin. Hie koum an d'Normandie. Hei war hien mat dem Henri Ant zesummen. D'Eltere vun deenen zwou Familje sin op déi Maneier mol vun deem engen, mol vun deem aaneren Neiegkeete gewuer gin.

Den 6. Juli 44 huet den Ugen en Hoffnungsschimmer fir d'Heemrees gesin an hien huet doheem gemellt: "Ich glaube wir werden uns bald alle wiedersehn."

D'Kämpf hun sech dun awer an der Normandie zougespetzt. De 4. August 1944 schreiwt hien eng läschte Kéier aus engem Schapp an hien deelt mat hien hätt keng gut Geleenheet méi fir ze schreiwen.

Den 19. August 44 as hien am Département du Calvados zu St. Lambert bei Falaise-Argentan gefall.

# Barnich Jean-Baptiste



*** 14.2.1899**

De Battesse Batty, wéi hien zu Nouspelt genannt gouf, war zwar keen Zwangsrekrutéierten. Hien gehéiert awer enner déi, déi hiert Liewen am Krich hu misse loossen.

Hie war e gemittleche Jongesell an de véierzege Joeren, wéi de Krich ausgebrach ass. Hie war wuel Bauer vu Beruf, huet awer meeschtens beim Henri Koemptgen am Betrieb gehollef. Hei war hien och beschäftegt, wéi d'Preisen hien am Mé 1941 wéint "Vernachlässigung seines Betriebes und wegen feindlicher Gesinnung" verhaft hun. Hie koum an de Prisong op Letzeburg an am Juni 1941 op Hinzert. Duerno gung dem Batty sei Wé no Osten, an d'Kazett vu Sachsenhausen. Vun dem Lager huet hien nach e puer mol op Nouspelt geschriwen. Geklot huet hien nie a senge Bréiwen, an dach as hien am KZ sou schlecht behandelt gin, dass hien Ufanks 1942 un de Folge vun de Messhandlunge gestuerwen as.

# Bonifas Philippe



*** 13.7.1922**

Weint senger patriotescher Haltung war hien vum 11.6.1942 bis den 21.10.42 am Prisong zu Letzeburg. Ouni R.A.D. koum hien den 10. Dezember 42 an d'Wehrmacht op Koblenz a gouf vun do aus an d'Front gescheckt.

Den 11. Abrel 1944 war hien zu Wien. Hei war hie wahrscheinlech déserteiert. De 27. Abrel 44 as hien an d'Strofgefaangenelager vu Bürgermoor ageliwert gin. Vun do aus koum hien an d'Lager Sonnenburg. Den 20. Juni 1944 gouf hien, wéi et an enger Matdeelung u seng Famill steet, "wegen Fahnenflucht zu 5 Jahren Zuchthaus verurteilt."

An der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945 gouf hien am Lager Sonnenburg zesumme mat 90 aner Letzeburger Jongen erschoss.



# Glesener Camille



*** 14.8.1921**

Den 18. Abrel 1942 war de Camille an den R.A.D. agezu gin.

Wou hie seng Wehrmachtsausbildung gemaat huet as onbekannt. 1943 war seng Kompanie op Sizilien. Hei as hien de 14. Juli 1943 gefall. Hie soll um Militärkirfech bei Sfirro begruewe sin.

# Schiltz Michel



*** 31. Juni 1921**

De Mischi as am Oktober 1942 op Braunau/Bromberg an den R.A.D. agezu gin. Hie koum vun do op Sylvester 1942 heem. Den 13. Januar 43 huet de Mischi Nouspelt erem verloos, a koum op Berlin-Spandau an d'W.M. Eng laang Ausbildungszeit schengt hien net krit ze hun, well den 8. Februar 43 schreiwt hie schon aus der Ukraine, wou hien graad, no enger Fahrt vu 6 Deeg durch ganz Polen, ukomm war.

An engem Bréif vum 15. Februar 43 zielt hie vun der groußer Keelt an dem ville Schnéi. Um Schluß schreiwt hien: "Wenn die Rosen wieder blühn, dann werd ich wieder bei Euch sein?????????" Laut den 10 Froezeechen war hien net extra iwerzeecht dovun.

Den 23. Juni 1943 huet hie matgedeelt, dass hien erem no Russland kéim. Hie war wéint enger Operatioun eng Zeit an engem polnesche Lazarett.

6 Woche méi spéit, den 8. August 1943 gouf de Mischi no den "harten Kämpfen südlich Jelnja" vermesst gemellt.

Et muss ugeholl gin, dass hien hei gefall ass.

# Hoffelt Camille



* 3.5.1922

Fir den R.A.D. huet de Camille Nouspelt de 17. Februar 1943 verlooss. Hie koum op Leipe. Vun do koum hien den 13. Mé 1943 heem. Acht Deeg méi spéit, den 22. Mé 43 as de Camille an d'W.M. gaangen.

No der Akleedung zu Tréier as seng Kompanie op Magdeburg gefuer. Den Dag drop gung et weider iwer Halle op Rostock.

Am Oktober koum de Camille an Urlaub. Hie gouf doheem krank. Well hien net wéi virgesin bei seng Kompanie zreck koum hun d'Preisen hien doheem ofgeholl an hien an d'Lazarett St. Jean zu Belair ageliwert. Vun do aus as de Camille erem bei seng Kompanie op Graudenz bruecht gin. Hei war hien an der Makensenkaserne stationnéiert bis den August 1944, sou kann e wéineschtens aus senge 36 Bréif ersin, déi hie vun do geschriwen, an emmer fortlafend numeréiert huet. Vum August 44 un gellt de Camille als vermesst. Et war bis haut net méiglech irgend eppes iwer sèi Schicksal ze erfueren.

# b) R.A.D.-K.H.D.-Prisong

Verschidden aaner jong Nouspelter koumen nemmen nach an den Arbeitsdienst, an de Kriegshilfsdienst oder weint hirer Haltung an de Prisong.

REILAND Joseph (R.A.D. Bischofsheim)
HEYMES Henri (Wehrertüchtigungslager Ansemburg)
FEYDER Gustave (Wehrertüchtigungslager Ansemburg)
SCHMIT Joseph (Wehrertüchtigungslager Ansemburg)
JACOBY Delphine (R.A.D. Bockelhagen)
JACOBY Lea (R.A.D. Breckerfeld, duerno K.R.D. Hagen-Eipel)
ZEIHEN Ida (R.A.D. St. Ganglof)
SCHOCKWEILER Anne (War aus der Schoul geflun 'wegen deutschfeindlicher Gesinnung' a koum fir e puer Méint an en Umschulungslager bei Ahrweiler op Altenahr.



Den deemolege Paschtouer WILDGEN koum fir e puer Wochen an de Prisong (wegen deutschfeindlicher Gesinnung).

De BACK Corneille, dee ganz aktiv gehollef huet Jonge verstoppen oder se iwer d'Grenz an d'Belsch bruecht huet, koum "wegen Zersetzung der Wehrpflicht wegen unbefugten Waffenbesitzes und wegen Beihilfe zur Flucht" vum 10. Februar 1944 bis den 19. Mé 1945 an de Prisong.

D'FEYEN Anne war "wegen Beihilfe zur R.A.Dpflicht Entziehung" vum 23.6.42 bis den 18.12.42 am Prisong.

De BACK Jean-Baptiste war ganz kurz an der W.M.; e Mount no der Aberufung as hien déserteiert. Hien huet eng Zeit an de Bescher rondem Nouspelt geliewt a gouf vun der Familje Muller-Lux verpflegt. Wei et him am Besch ze geféierlech gouf, huet de Muller Jos, bei deem de Batty fréier och als Kniecht geschafft huet, hien bei sech verstoppt.

# c) Sie hun de Jonge gut gehollef

Déi Familjen, déi am Krich Jonge verstoppt haten, sollen och hei ernimmt gin.

BIVER-STRAUS (Haus Feyder Gust): Hei war de Schiltz Léon verstoppt.

JACOBY Ernest: Bei him soutzen den Theis Aloyse, de Meyers Jäng an de Krier Jäng.

KIRSCH Catherine: Obschon sie net vill Plaatz hat huet sie den Erpelding Clement an den Erpelding Jängy verstoppt.

LEHNERT Jacques: Zwéi Franzousen, déi sech verirt haten, konnten zwou Wochen hei wunnen. Den Clemen Aly an den Thorn Jängy sin eng Zeitche vum Jacques verpflegt gin, wéi si am Wetgert an engem Schapp lougen. Duerno koumen déi zwéin bei de Jacques an d'Haus iir se definitiv eng aaner Stopp kruten.

LIPPERT Emile: Wéi de Clemen Aly an den Thorn Jängy am Haus Lehnert fortgungen koume sie fir baal e Joer beim Lippert Emile enner Daag.

LIPPERT René: Hei soutz eng kurz Zeit de Greischer Aloyse.

MULLER Jos: Wéi schon ernimt, war de Back Batty a Beckesch verstoppt. 4 Franzousen déi desertéiert waare soutzen och zwou Wochen hei. De Jos huet hinnen de Wee fir an d'Frankreich opgezeechent, fir dass sie kinnten heem kommen.

SCHOCKWEILER François: A Schockwellesch waar am Krich vill Betrieb. Haut wees d'Märrechen emol net wéi all déi Jonge geheescht hun, déi heiansdo

eng Nuecht do geschlof hun, an da fréi murjes virun op aaner Plaatze gungen. De Kurt Roger, de Kurt René, de Kurt Raymond an de Veyder Gust soutze länger Zeit do.

## d) Emgesiedelt

E puer Nouspelter Familjen hun, meeschtens aus enger banaler Ursaach de Wee an d'Emsiedlung musse goen.

BONIFAS-JEANPIERRE: De Kass Jék an d'Anna hu sech geweigert de preisesche Fendel auszehänken a sie gouwe verdächtegt "den Englänner" ze lauschteren. Den 18. Abrel 1943, muerjes um 6 Auer huet et geschellt an d'SS hu gefroot: "Sind Sie der Bonifas Jakob?" Du gung et séier. Um 9 Auer haate sie e puer Saachen zesummegepaakt a koumen op d'Hollercher Gare. Vun do gung e ganzen Zuch Letzeburger a Schlesien op Mittelsteine. Sie hun do an engem Jesuiteklouschter gewunnt. Spéider sin se op Alzenau verluegt gin. De Jék huet als Schmatt an enger Fabrik geschafft. Hei hat och e Preis de Jék, wéi hien erem-gemault huet, vun enger héiger Sté erofgeheit. De Jék gouf uerg verwonnt. De 15. Juni 1945 koumen déi zwé heem. Un de Folgen vu senge Verletzungen aus der Emsiedlung as de Bonifas Jacques de 6. November 1948 gestuerwen.

LEHNERT-CLEMEN: D'Famille Lehnert-Clemen as am November 1943 emgesiedelt gin. D'Ursaach wees de Jacques nach haut net genee. Wahrscheinlech haaten d'Preise Wand dervu krit, dass de Jacques Jonge verstoppt hat. Den 19. November 43 koume sie mat hiren 2 Kanner Albert a Josée an d'Lager Mittelsteine. Hei hu sie d'Anna an de Jacques Bonifas erem gesin.

De 7.12.43 sin se an d'Lager Jeschütz kom a vun do am August 44 op Hirschberg. 6 Woche méi spéit sin se op Boberstein verluegt gin. Vun desem Lager aus koume sie am Juni 1945, no 560 Deeg Deportatioun, erem heem.

Während der Emsiedlungszeit huet de Jacques am Gaswierk zu Obernick, an der Pabeierfabrik zu Hirschberg an am Ostwall geschafft.

ROER-KATZ: Den Isaac Roer an d'Rosa Katz ware schon aus Deitschland geflücht, well sie als Juden do net méi secher waren. 1938 hu sie sech zu Nouspelt d'Huemeshaus kaft. An desem klengen Duerf hu sie geduecht de Preisen ze entgoen. Awer sie ware schon um zweete Judentransport no Theresienstadt (30.6.42) derbei. Vun den 156 Persounen, déi deen Daag dohi koumen, sin der nemmen 9 zreck kom. Dobei war och d'Madame Roer. Leider huet sie d'Lager mussen ouni hire Mann verloossen. Den Isaac Roer as den 2. März 1943 am Lager emkom. Hie gouf, wéi et am Stierwregeschter vun der Kiehlener Gemeng heescht: "victime des actes de violence de la part de l'ennemi."



## e) Zu Nouspelt gefall

Um Dag wo d'Amerikaner koumen, den 10. September 1944, as de Conrad Diederich vun Eischen, den an Happent 2 Preisen verfollegt huet, vun enger Kugel déidlech getraff gin.


## f) E lescht Wuert

Et loug mir fären, fir mat desem Artikel aal Wonnen erem opzerappen. Et soll awer och net an de Vergiess kommen, waat eis deemoleg Jugend batter Zeiten huet mussen erliewen. Et soll eng grouss Sympathie sin fir déi, déi eis Freiheet mat hirem Blut hu mussen erkaafen.

Wann ech hei irgendeen sollt vergiess hun, dann as daat bestemmt net absichtlech geschitt. Ech wier awer frou fir daat ze erfueren. Nemmen esou kann daat eng Kéier nogeholl gin.

All deenen, déi mir fir des Zesummestellung irgendwéi gehollef hun, soen ech e ganz grousse Merci.

*Ed KANDEL*



**La Mazda 323**
a été élue
**Meilleure Voiture de l'Année**

parmi 138 nouvelles voitures japonaises.

La Mazda 323 est une traction avant,
ses 4 roues indépendantes assurent
une tenue de route exceptionnelle.

La Mazda 323 existe
en 20 différentes versions.

**Garage Sommavilla Mario**

102, route d'Arlon - MAMER
Téléphone 31 00 24



# Comité de patronage

BARTHEL Joseph, ministre, Luxembourg
BODEN Fernand, ministre, Echternach
KOHNEN Boy, ministre, Luxembourg
KRIEPS Emile, ministre, Luxembourg
SPAUTZ Jean, ministre, Schifflange

WENDEL Ferdinand, bourgmestre, Kehlen
SAIBENE Jos., échevin, Meispelt
BONIFAS Jos., échevin, Nospelt
BIVER François, conseiller communal, Kehlen
HOSS Jeannot, conseiller communal, Olm
KOCH Roger, conseiller communal, Dondelange
LIMPACH Auguste, conseiller communal, Nospelt
NILLES Johny, conseiller communal, Kehlen
PELLER Marcel, conseiller communal, Keispelt

ABENS Victor, membre du Parl. Européen, Vianden
BERCHEM Albert, député, Olm
COLLING Fränz, député, Differdange
DONDELINGER Willy, député, Esch-sur-Alzette
GREMLING Jean, député, Luxembourg
KRIER Roger, député, Belvaux
LENTZ-CORNETTE Marcelle, député, membre du Parl. Européen, Belvaux
MAJERUS Nicolas, Dr, député, Esch-sur-Alzette
REDING Viviane, député, Esch-sur-Alzette
JUNCKER Jean-Claude, sécrétaire parlamentaire du PCS, Ettelbruck

Abbé HEIDERSCHEID Victor, curé, Septfontaines
Abbé KAYSER Georges, curé, Nospelt
Abbé KNEPPER Joseph, curé ém., Kehlen
Abbé RIES Pierre, curé, Kehlen

# Comité donateur

DESCH-TENNIS BUSCHDORF
DESCH-TENNIS CAPIP DOMMELDANGE
DESCH-TENNIS DUDELANGE
DESCH-TENNIS FRISANGE
DESCH-TENNIS HOLLERICH
DESCH-TENNIS KOERICH
DESCH-TENNIS LINGER
DESCH-TENNIS LINTGEN
DESCH-TENNIS BRIDEL

ANEN Arthur, échevin, Sanem
ANONYME
ANTONY Pierre, Reckange/Mersch
ATLMANN-NEY Anny, Mme, Schuttrange
ARENDT Alex, Olm
ARENDT-MULLER Ed., Reckange/Mersch
ARENDT-THILL Jos., Nospelt

BACK-SCHUMMER, Mme, Nospelt
BACKES Alphonse, Hobscheid
BACKES Carlo, Eischen
BACKES Louis, Hobscheid
BARNICH-WELTER Pierre, Mamer
BARNING-MULLER Franç., Nospelt
BARTHEL-KRECKE, Nospelt
BIVER-BIRTZ, Mme, Nospelt
BIWER-HILGERT Tony, Kehlen
BIVER-JACOBY Erny, Nospelt
BIVER-SCHROEDER, Mme, Nospelt
BODEN Georges, Mersch
BOLMER-FEYDER, Nospelt
BONIFAS Ed., Nospelt
BONIFAS-EIFFES Nic., Nospelt
BONIFAS-FABER Paul, Crauthem
BONIFAS-SALES, Nospelt
BOUCHARD Paul, Kehlen
BOULANGER-STOLTZ, Nospelt

CAFÉ MAJERUS, Strassen
CLEMENS Robert, Grevenmacher
COTTONG Yvette, Gasperich

DIEDERICH Daisy, Beggen
DELCROIX Jean-Marie, Nospelt
DERKUM Paul, Lintgen
DHUR Fernand, Schweich
DIENER Pierre, Nospelt
DUHR Marcel, Cap

ENGEL-HOFFELT René, Nospelt
ENGEL-STOMP E., Nospelt
ENGELS Marie-Rose, Mme, Nospelt
ENNIT-LUNDSTRÖM, Nospelt
ERNST-CHOINIER Paul, Roeser
ESCHETTE Aloyse, Mme, Nospelt

FAIRFAX-JONES Graham, Nospelt
FEIPEL-SALES J.P., Clemency
FEYDER Albert et Mme, Kehlen
FEYDER-KREMER G., Nospelt
FEYDER Jos., Goeblange
FEYDER Nic., Nospelt
FISCH-KRIER Claude, Pétange
FRANCK Marcel, président du CADO, Dommeldange
FRIEDEN Norbert, Roodt/Syre
FRIEDERES-KOEMPTGEN E., Nospelt
FRIES-CUROT René, Bridel
FRISCH Richard, Mamer
FUNES Malou, Melle, Graulinster

GAASCH Norbert, Dudelange
GALES Lucien, Wellenstein
GEISSLER Roger, Commissaire Général des Scouts Européens
GOEDERT Arsène, sécrétaire DT Ell
GOERGEN Marianne, Sanem
GOUSENBURGER René et Mme, Nospelt
GUDEN Erny, sécrétaire DT Bissen, Bissen

HAGEN-JUNGERS M. et Mme, Brouch/Mersch
HANSEN Luc., Nospelt
HARTERT René, Bridel
HENRIQUET J.-Cl., Nospelt
HEYMES-LEHNERT, Nospelt
HEYMANNS André, Dommeldange
HIRSCHLER-BULDGEN C., Dudelange
HOFFMANN Marie-Jeanne, Clemency
HOFFMANN-EVERARD Pia, Mme, Luxembourg
HOFFMANN-ROSSELJONG M. et Mme, Clemency
HOFFMANN-STOFFELS Félix, Luxembourg
HOLTZEM-MEIERS, Kehlen
HUET René, Holler

JANSE-SCHOCKWEILER, Nospelt
JUSTEN Margot, Boevange/Attert



KALMES Roger, Niederpallen
KANDEL-STEICHEN Aloyse, Strassen
KANDEL-THILLMANN, Strassen
KAPP Elsy, Mme, Nospelt
KAUFFMANN Gust., Schuttrange
KEHL Pierre, Luxembourg
KEMP Richard, sécrétaire DT Koerich, Goeblange
KIEFFER Norbert, sécrétaire DT Garnich, Garnich
KIEFFER-BOCK Änder, Niederpallen
KIEFFER-BONIFAS Maggy, Howald
KINSCH Raymond, Bettembourg
KINSCH René, Niedercorn
KLESTADT G., Nospelt
KOLBACH-KRIER J.P., Nospelt
KOSTER Nicolas, Nospelt
KOSTER-BERTEMES Pierre, Steinfort
KRAUS Charles, Mamer
KREINS Paul, Bissen
KREMER Alfred, Kehlen
KUGELER-THEISEN Alphonse, Kehlen
KUHNEL-WENZEL Hermann, Nospelt

LAMESCH L.W., Rotterdam
LAMESCH Armand, Kehlen
LEHNERT Armand, Nospelt
LEHNERT-SCHIMBERG A., Nospelt
LEONARD-BODART Daniel, Nospelt
LIMPACH-DIENER Paul, Nospelt
LIPPERT-ENGEL Emile, Nospelt
LIPPERT-WEIS René, Nospelt
LIPPERT-WIES Victor, Nospelt
LORGE Jean-Pierre, Linger

MANGEN Flor., Steinfort
MAJERUS-FRIEDRICH Anne, Mme, Olm
MARINELLI Enzo, CIAL
MEYERS Henri, Président du DT Oetrange
MULLER Jacques, Schifflange
MULLER-LUX Joseph, Nospelt
MULLER-WAHL Albert, Nospelt
MULLER-ZEY Marthe, Nospelt

NEU Fernand, trésorier du DT Grosbous
NILLES Nicolas, Hobscheid
NOESEN Camille, Septfontaines
NOESEN Cécile, Ettelbruck
NOESEN Charlotte, Luxembourg
NOESEN Jean-Pierre, Schlindermanderscheid
NOESEN Marie, Melle, Nospelt
NOTHUM Luc, Ell

OLINGER Henri, Luxembourg
OLINGER René, Septfontaines

PAULS Nic., Nospelt
PAULY Alice, Nospelt
PEIFFER Théo, Kehlen
PIERSON Claude, Howald

RECH-Back Werner, Kehlen
REILAND-HILGERT Emile, Kehlen
REISER-CLEMEN Pierrot, Hagen
REWENIG Guy, Nospelt
REWENIG-KOLBACH Maisy, Nospelt
RIES François, Garnich
ROESER-THEISEN Jeannot, Nospelt

SCHAEDGEN Gilbert, Schouweiler
SCHANEN John, Béreldange
SCHARFF-LENNART, Nospelt
SCHEIDEL Benny et Georges, Dahlem
SCHILTZ Irmine, Melle, Herborn
SCHIMBERG John, Nospelt
SCHIMBERG-BENEKE, Nospelt
SCHMIT Berty, Mme, Nospelt
SCHMIT Jeannot, Nospelt
SCHMIT Roger, président DT Garnich
SCHONS-DEVOS René, Luxembourg
SCHWARTZ Mil, Bissen
SCHOCKWEILER Jos., Nospelt
SCHODER-LEMOGNE Romain, Luxembourg
SCHOLTES Albertine, Kehlen
SCHOLTES Fernande, Niedercorn
SCHROEDER Paul, Frisange
SCHWEITZER-MERTEN Marc, Erpeldange/Bous
SEYWERT Roland, Howald
SIMON Georges, Hobscheid
SPAUTZ Patrick, Bascharage
STEMPER-BRICKLER Pierre, Nospelt
STOLTZ Jos., Nospelt
STOMP Léon, Bour
STOMP Marcel, Bour

THEIS Ernest, Vianden
THEISEN Nico, Moutfort
TEIXEIRA-MONTEIRO, Nospelt
THEVES Honoré, Ahn
THILL Gilbert, Garnich
THILL Michel, Remich
THIMMESCH Nic., Olm
TURMES Vic., Soleuvre

VAN STIPHOUT Carine, Bascharage
VAN WINCKEL Alain, Walferdange
VAN WISSEN Brigitte, Nospelt
VANDIVINIT Guy, Cap

WAGNER-FEYDER Eugène, Senningerberg
WALERS Jean-Pierre, Nospelt
WALLENBORN Arnold, Kehlen
WATERLOO Nico, Roeser
WAVREILLE Jeff, Nospelt
WAVREILLE Marie-Rose, Mme, Nospelt

WEBER Aloyse, Bissen
WEBER André, Dippach-Gare
WEBER Arnold, président du DT Bissen, Bissen
WEILER Jean, Septfontaines
WEILER Théo, Lintgen
WILDGEN-SANAVIA, Esch/Alzette

WILDSCHÜTZ Roger, Howald
WITRY-BIVER Egide, Nospelt
WOLFF Guy, Walferdange

ZEIMEN Erny, Wiltz
ZIGER Jos., Hobscheid





# Comité d'honneur

DESCH-TENNIS Capellen
DESCH-TENNIS Ell
DESCH-TENNIS Garnich
DESCH-TENNIS Schouweiler
DESCH-TENNIS Septfontaines

BONIFAS Léon, Bruxelles/Nospelt
REILAND Roby, membre-fondateur du D.T. Nospelt, Nospelt

AMER-SIL S.A., Kehlen
ANONYME
ARENDT Lucien, Septfontaines

BACK Jos., Kehlen
BANQUE GENERALE DU LUXEMBOURG S.A., Agence Mamer
BIVER Eugène, Nospelt
BOURGEOIS Pierre, Olm
BOUTIQUE CAMARGUE, Luxembourg-Ville
BRASSERIE HENRI FUNCK, Luxembourg-Neudorf

CAURLA-KNEPPER Paul, Dondelange
CLEMEN-SCHOCKWEILER, Nospelt
CIAL, Coupons-Dépôt, Luxembourg
DEBOULLE Patrick, Hostert

FEYDER François, Nospelt
FEYDER-HOFFELT Tilly, Nospelt
FLAMMANT Léon, Mersch
FOURNELLE Léon, Dommeldange
FRIEDLI Daniel, Rollingen/Mersch
FRISING Henri, Luxembourg
FRISING Jean, Bertrange
FRISING Théo,, Howald

GARY René, Nospelt
GASPAR-DIEDERICH Norbert, Mme, Nospelt

HEYMES François, Goeblange
HOFFMANN-WOLFF Fam., Arsdorf

KANDEL-NICLOU, Nospelt
KERSCHEN Marcel, Olm
KINSCH Nicolas, Nospelt
KLENSCH-LEIDER Mady, Gasperich
KOCH-MAJERUS Lucien, Dondelange
KULHEN Pierre, Obercorn

LANG Anny, Nospelt
LANG-HIRSCHLER Viviane, Dudelange
LIMPACH Marc, Nospelt

MAAS Ernest, bourgmestre, Saeul
MOES J.P., Nospelt
MULLER Armand, Cap
MULLER Jim, Nospelt

OESCH Pierre, Luxembourg

REINERT Adrien, Strassen
REINERT Henry, Mondorf-les-Bains
REINERT Lucien, Bettborn

SCHMIT-SIMON Roger, Nospelt
SPELTZ-PRIM Colette, Nospelt

THOSS Carlo, Gostingen
TONUS-LIPPERT Antoine, Nospelt
TOUSSAINT Louis, Luxembourg-Eich

VAN WISSEN, Mme, Nospelt

WALTZING Henri, Useldange
WEBER Fernand, bourgmestre, Bettembourg
WIES Pol et Mme, Kehlen

# Membres d'honneur

DESCH-TENNIS Erpeldange
DESCH-TENNIS Mamer

ADAM-STOMP Robert, Kehlen
ALTMANN Emile, Neudorf
ANONYME
ANONYME, Nospelt
APPELBAUM Arnold, Hassel

BALDAUFF Pierre, Luxembourg
BAUER O., Mamer
BAUM Henry, Nospelt
BEAUJEAN Louis, Mamer
BERCKES François, Nospelt
BERG G., Howald
BERNARDY Arsène, Steinfort
BINTNER Fernand, Kopstal
BINTZ Pierre, Hobscheid
BINTZ René, Hobscheid
BIVER Josy, Nospelt
BIVER-BIRKEL A., Nospelt
BLESER-TOELEN, Nospelt
BLOES Serge, Hautcharage
BONIFAS-BISENIUS J., Nospelt
BREYER Marion, Bissen
BRUCH Michel, Mertert
BRUCHER Romain, Bissen
BUCHLER J., Bertrange

CALDEIRA Carlo, Nospelt
CAYUELAS A.J., Nospelt
CONTER Carlo, Bridel
DIENER Josée, Melle, Luxembourg

EICHERS Pitt, Esch/Alzette
EiSCHEN Camille, Kehlen
EMPAIN-PETERS J.-Cl., Nospelt
ENGEL Alain, Mensdorf
ENGEL-HOFFMANN Léon, Nospelt
ENGEL-LEHNERT Nicolas, Nospelt

FASBENDER Raymond, Mamer
FASSBINDER Willy, Nospelt
FEIEREISEN E., Mme, Esch/Alzette
FELLER Emile, Eischen
FEND René, Olm
FIOR Livio, Roeser
FISCHER Jos., Mamer
FONCK Pilo, Howald

FOOTBALL-CLUB JEUNESSE, Useldange
FRANCK Constant, Luxembourg
FRANK Remy, sécrétaire DT Donven-Wormer
FRENTZ Roland, Sandweiler
FUNTSCH Yvonne, Nospelt

GARY-KREMER Michel, Nospelt
GIRSCH-KERGER Jos., Kehlen
GIVER Léa, Esch/Alzette
GODFROID Robert, Bourglinster
GOLDSCHMIT Ady, Itzig

HAMES Eugène, Bissen
HANSEN-GINDT Jos., Nospelt
HARLES-RICHTER Félix, Kehlen
HEBEL Sonya, Garnich
HEITZ Félix, Cap
HERTGES Manon, Helmdange
HESS Christian, Schouweiler
HOFFELT Josy, Nospelt
HOFFELT-BOLMER, Nospelt
HOFFMANN Danielle, Clemency
HOFFMANN François, Schifflange
HOFFMANN Jean-Marie, Dommeldange
HOFFMANN Marcel, Kehlen
HOFFMANN Monique, Dippach
HOSCHEID Alphonse, Rollingergrund

JACOBY Lex, Nospelt
JACQUE John, Mamer

KASEL Léon, Bissen
KAYL Norbert, Olm
KAYSEN Paul, Bivange
KERSCHEN Monique, Cap
KIRSCH Norbert, Esch/Alzette
KLEIN Mett, Olm
KLENSCH J.-Claude, Luxembourg
KOCH Ronny, Dondelange
KOSTER Claude, Walferdange

LAMPERTZ Marcel, Kehlen
LANG Edmond, Kopstal
LANGERS Pierre, Bergem
LEHNERT-CLEMEN Jacques, Nospelt
LINSLER Emile, Luxembourg
LINSTER-THIES Nic., Nospelt
LINSTER-THILL J.P., Nospelt
LOOS Jean, Grevenmacher



MAJERUS Simone, Waldbillig
MALLER Nic., Nospelt
MALLER Raymond, Nospelt
MANNON J.-Louis, Bridel
MAY Adèle, Luxembourg
MEIER Lucien, Luxembourg
MERGES Ernest, Luxembourg
MERTENS Norbert, Oetrange
METZLER Sandra, Dudelange
MEYER Ed., Nospelt
MEYER Henri, Dondelange
MOLITOR-ANEN, Nospelt
MOONEN Marie-Jeanne, Noerdange
MOOS Lucien, Bonnevoie
MORBE Jessy, Luxembourg
MULLER-KREMER Urbain, Nospelt

NAPOLEONE Alfio, Nospelt
NEU Claude, Luxembourg
NILLES E., Luxembourg
NILLES Jos., Koerich
NOESEN André, Nospelt
NOESEN Maurice, Itzig
NOESEN Roger, Septfontaines

PAULUS J., Mertert
PETITJEAN Raymond, Nospelt
PICCHI B., Mme, Luxembourg
PICCO-GIAVEDONI E., Nospelt
PIERROT Daniel, Nospelt
POECKES-BIVER, Kehlen

REITER Ady, Kopstal
REUTER Jean, Luxembourg
RICKAL Jim, Wiltz
RISCHARD Netty, Roodt/Syr
RODERICH-LEPAGE, Mme, Nospelt
ROMAIN Nestor, Nospelt

SCHAEDGEN Roger, Schouweiler
SCHILTZ Jeanny, Born
SCHLEY Norbert, Mamer
SCHMIT Carlo, Nospelt
SCHMIT Claude, Altrier
SCHMIT Jos., Mme, Nospelt
SCHMITT Pierre, bourgmestre, Sandweiler

SCHMITZ Félix, Hespérange
SCHOCKMEL Léandre, Nospelt
SCHOLTES Mathilde, Nospelt
SCHULER-KOSTER, Mme, Nospelt
SCHUSTER, Mme, Nospelt
SEILER Charles, Luxembourg
SERKEYN Cl., Luxembourg
SIMON-ROMAIN J.-M., Nospelt
SPELTZ Jos., Howald
STAHN Simone, Luxembourg
STEICHEN-DUI Marcel, Steinfort
STREBER Antoine, Hespérange
STUMPF J., Bascharage

TERONI Oswaldo, Nospelt
THIES Marco, Mamer
THILL Gusty, Nospelt
THILL Marcel, Goeblange
THILL Paul, Bridel
THILL-ZANEN Thérèse, Soleuvre
THIMMESCH-POELCKER, Olm
TONHOFER Jeannine, Meispelt

URBING Alain, Nospelt
USELDINGER-SCHUMACHER P., Bech-Kleinmacher

VAN STIPHOUT Fränzel, Schouweiler
VAN WISSEN Jette, Nospelt
VROMEN Jean, Nospelt

WAGNER Gérard, Senningen
WALERS-THEIN John, Nospelt
WAVREILLE Joseph, Nospelt
WEBER Jean-Paul, Bissen
WEBER Jos., Hobscheid
WEBER Lucien, Bissen
WECKER Fabienne, Luxembourg
WECKER Fabienne, Huncherange
WEILER Fernand, Luxembourg
WEIS Emile, Nospelt
WEISS-WAGNER J.P., Nospelt
WINKEL-WEYDERT François, Niederdonven

ZIGRAND Norbert, Noerdange
ZÜST Albert, Mamer




EN HUMPEN DRENKEN, E GUDDE PETTCHEN SCHMAACHEN
DOBEI GEMITTLECH SPROCHEN A LAACHEN
DAT KENNT DIR BEIM ANGELE AM CAFE MAACHEN

**CAFE OLINGER NOUSPELT**





JOAILLIER / HORLOGER

**goeres**

105, avenue du 10 Septembre
LUXEMBOURG



**ROLEX**

MONTRES ROLEX, OMEGA
Bagues de Fiançailles
Alliances - Brillants
Solitaires